Fenteng, den 15 Oktober 2018.

Carole Goerens

2, rue Armand Rausch

L-5864 Fentange

Gemengeconseillère

Haer Buergermeeschter, Madam an dir Haeren aus dem Schefferot,

Konform zum Reglement wëll ech e puer Froen zu der Loftqualitéit zu Hesper stellen.

Am leschte Gemengerot hud dir eis d'Werter fun de passiven Tuben , déi jo op draï Plazen an der Gemeng hänken, firgestallt.

Konstat : Am Gaaspereger Bierg sin d'Werter allesamt méi héich wéi déi Werter déi als gesondheetsschiedlech ugesi sin !(40 µg NO2/m3).

Wann een de Maximumwert fun 30 µg NO2/m3 kukt, ab deem Vegetatiounssschutz nët méi garantéiert as, da leien all déi gemoosen Duerchschnëtter doriwer !

Dës Moossungen betreffen d'Phas 1 (10.01.2018-04.04.2018) an d'Phas 2 (bis de 27.06.2018).
Et as gewosst, dass d'Joeresmoyennen allgemeng op de fixen Statiounnen méi déif wéi d'Moyennen fun deene 3 éischte Méint am Joer sin.

Meng Froen :

- Laafen déi Miessunge weider ? Wa jo, iwert wéivill Joer soll do gemooss gin ? A wéi sin d'Werter tëschend Juni an elo ?

-Um Internetsite fum Klimapakt gouf ët eng Presentatioun fu genee deem Program mat de Moostuben déi mir zu Hesper hun ; do steet um Datum fum 18.01.2018 , dass Hesper 2017 als éischt Gemeng eng Zertifikatioun « Klimapakt Loftqualitéit » krit huet !Do froen ech mech dann awer wéi dass daat méiglech as : 2017 en Zertifikat an 2018 déi schlechsten Werter landeswait???

-2015/16 huet d'Gemeng duerch d'Verréngeren fun den Trajeten fu Gemengebusser an dem Investissement an E-Gefierer hier Emissiounen ëm 33% erofgesat ! Wou sti mer haut mat deenen aktuellen Werter do?

-Et gi jo weiderhin a Wunnquartieren a fru Schoulen 30-Zonen als Verkéierssecherheetsmesuren ageféiert. A wéi wait wier ët fir d'Verbesseren fun den NO2-Werter sënnvoll op all de Stroossen an der Gemeng d'Vitesse erofzesëtzen ?

-Mussen am PAG och « Loftschleisen »virgesi gin déi eng méiglechst séier Ventilatioun a Uelzechtdall erméiglechen ?

Well ier dass de Contournement do as musse mer Alles drusëtzen den Hesper Bierger hier Gesondheet ze schützen wou ët och nëmme geet !!

Haer Buergermeeschter, Madam an dir Haeren aus dem Schefferot,ech soen villmols Merci fir aer Aentwerten.

Carole Goerens

Fenteng, den 15 Oktober 2018.

Carole Goerens

2, rue Armand Rausch

L-5864 Fentange

Gemengeconseillère

Haer Buergermeeschter, Madam an dir Haeren aus dem Schefferot,

Konform zum Reglement wëll ech e puer Froen zur Secherheet an/bei der neier Museksschoul stellen.

-Sin an der Musékssschoul Secherheetsdieren ? Huet d'ITM daat Gebai schons ogeholl ?

-D'Ofsëtzen respektiv d'Ofhuelen fun de Kanner bei der Museksschoul as heiansdo e bëssen chaotesch.

Deemno ëm wéi eng Zait een do laanscht fiert stin Autoen um Trottoire bei der Kiirch oder an der Afahrt bei den Haff Feyder.

Et wier gud wann déi Musékssschoul mat Stroosseschëlder géif signaléiert gin oder e blénkend Signalscheld beim Zebrastraife wier.

Kinnt d'Zone 30, déi bei der Schoul geplangt as, nët eventuel och bis bei d'Musékssschoul verlängert gin ?

Haer Buergermeeschter, Madam an dir Haeren aus dem Schefferot, ech soen iech villmols Merci fir aer Aentwerten.

Carole Goerens